

Rapport Generalversammlung Oekozynter Pafendall asbl

17. Juni 2020, iwer Zoom

Kuerzen Aktivitéitsbilan

Den Théid Faber présentéiert den Aktivitéitsbilan 2019. Am Oekozynter ass d'Andeelung vun de Beräicher emgestallt ginn, déi elo folgendermoßen ausgesinn :

- Nohalteg Landwirtschaft
- Bauen a Wunnen
- Nohaltegen Konsum (mat Oekotopten)
- Kreeslafwirtschaft a Gemeinwohl
- Naturschutz an Urbanismus

Fir all Beräich gëtt kuerz duergestallt, wéieng Aktivitéiten 2019 stattfond hunn.

Den Oekozynter Pafendall feiert dëst Joer séng 30 Joër Bestoën. Zwar huet d'Corona-Kris do ee Stréch duerch d'Rechnung gemeet, mee et ass weider virgesinn eng Feier fir déi 30 Joër fir Enn des Joërs z'organisieren.

Präsentatioun vum Bilan 2019

Den Raymond Freylinger stellt de Bilan 2019 vir : den Actif an de Passif sinn am Gläichgewicht an nom Verglach vun den Einnahmen an Ausgaben bleiwt ee positivt Resultat. Och de Budget fir d'Joer 2020, deen duerno présentéiert gëtt, schléisst viraussichtlech mat engem positiven Resultat of.

Rapport vun de Keesserevisseuren

De Rapport vun de Keesserevisseuren, Doris de Paoli an Marie Lou Pierson, läit vir a proposéiert dem Trésorier d'Décharge ze ginn. Och de Rapport vun der Fiduciaire zertiféiert d'Korrektheit vum Bilan a vun den Profits et pertes 2019. D'Revisseuren de caisse stinn och fir dëst Joer rëm zur Verfügung.

Décharge vum Verwaltungsrot - Designatioun vun den Keesserevisseuren 2020

De Verwaltungsrot kritt d'Décharge an déi selwächt Keesserevisseuren ginn fir 2020 rëm désignéiert.

Zesummesetzung vum Verwaltungsrot 2020

D'Zesummestellung vum Verwaltungsrot bleiwt déi selwächt, ausser dass den Ingo Schandeler, net méi derbäi ass. De Verwaltungsrot setzt sech deemno folgendermoossen zesummen :

Roger Dammé, Emile Espen, Théid Faber, Raymond Freylinger, Claudine Konsbruck, Charles Margue, Marianne Milmeister, Jeannot Muller, Bob Reuter, René Wampach, Blanche Weber, Patrick Weyrich